# Schwätz mat !

## Aarbechtswelt an Aarbechtskonditiounen zu Lëtzebuerg

An de leschten 100 Joer hu sech d'Aarbechtskonditiounen zu Lëtzebuerg vill geännert. Am 19. Joerhonnert ass an de Minnen a Fabricken z.B. bis zu 16 Stonne pro Dag geschafft ginn. Et gouf och laang Kanneraarbecht an der Landwirtschaft an an der Industrie. Um Nationale Monument fir d'Biergaarbechter zu Keel (*Léiffrächen*) stinn d'Nimm vun 13 Kanner a Jugendlechen, déi bei Accidenter an de Minnen ëmkomm sinn. Méi Rechter fir Aarbechter an Aarbechterinne koumen duerch Protester an d'Grënnung vu Gewerkschaften. Fréier waren „fräi Zäit" a Reesen de Privileeg vun de Räichen a Mächtegen. Congé an d'Kierze vun den Aarbechtszäiten hu bewierkt, dass méi Leit Fräizäit haten. D'Recht op Congé huet et erlaabt, dass vill Mënsche sech erhuelen an och an d'Vakanz fuere konnten.
D'Globaliséierung an d'Digitaliséierung sinn haut nei Challengen a bréngen vill Changementer an der Aarbechtswelt mat sech. A se sinn net all positiv fir d'Salariéen. Penibel Aarbechte ginn an aner Länner delokaliséiert. Flexibilitéit an digital Kommunikatioun maachen z.B. och, dass d'Leit sech verflicht fillen, och no der Aarbecht nach erreechbar ze sinn.

## Universell Deklaratioun vun de Mënscherechter vun der UNO (1948)

Sproochniveau B1/B2 LU

### Artikel 23

1. All Mënsch huet d'Recht op Aarbecht, op d'fräi Wiel vu sengem Beruff, op gerecht an uerdentlech Aarbechtskonditiounen an op Protektioun géint de Chômage
2. Jiddereen huet ouni Diskriminatioun d'Recht op dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht.

### Artikel 24

All Mënsch huet d'Recht op Erhuelung a Fräizäit, a besonnesch op eng raisonnabel Begrenzung vun der Aarbechtszäit an op periodesche bezuelte Congé.

**Wuertschatz**

- Emkreest d'Wierder an den Texter, déi der net verstitt. Sicht no Erklärungen.

## Timeline

**1876** – Verbuet vu Kanneraarbecht ënnert 16 Joer an de Minnen a Karriären
**1911** – Gesetz iwwert Versécherunge fir d'Pensioun an d'Invaliditéit
**1912** – Kanner musse bis 12 Joer an d'Schoul goen (Schoulflicht)
**1918** – Reduzéierung vun der Aarbechtszäit op 8 Stonne pro Dag
**1926** – Recht op Congé (4-12 Deeg pro Joer)
**1944** – Aféierung vum Mindestloun
**1946** – den 1. Mee gëtt en aarbechtsfräie Feierdag
**Ab 1970** – Kierzung vun der Aarbechtszäit (40-Stonne-Woch)
**1999** – Aféierung vum Congé parental



ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

www.zpb.lu


Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2025) ISSN 3122-1114

## Schwätz mat!

**Wat sinn hautdesdaags sozial Revendikatiounen?**
Wat ass dir wichteg? Wat sinn deng Top-5-Revendikatiounen? Kräiz un!

- ☐ Flexibel Aarbechtszäiten
- ☐ Reduzéierung vun der Aarbechtszäit (z. B. 35-Stonne-Woch)
- ☐ eng 4-Deeg-Woch
- ☐ Bezuelbar Wunnengen
- ☐ Méi Congé parental
- ☐ Vestiairen an Dusche fir all Geschlechter
- ☐ Eng besser Reglementatioun vum Home-Office
- ☐ Aarbechtszäitkierzung ouni Lounkierzung
- ☐ Bessere Schutz virun Licenciementer
- ☐ CET (compte épargne temps)
- ☐ selwecht Paie fir all Léierbouf/Léiermeedchen
- ☐ Recht op e fräiwëllegen Temps-partiel
- ☐ E méi héije Mindestloun
- ☐ Eng 6. Woch Congé
- ☐ Eppes aneres:

______________________________________




Poster, OGBL 1985

## Wie setzt sech fir mech an?

- Beschreif d'Affiche **Eng sécher an human Aarbechtswelt**. Wat gesäit een? Wat ass de Message?
- Wat fir Gewerkschafte gëtt et nach zu Lëtzebuerg? Fënns du Gewerkschafte wichteg? Firwat?

## Eis Affiche

**Maacht zesummen eng Affiche fir den 1. Mee. Dir kënnt z. B. e Collage mat Fotoe maachen. Stellt äert Resultat vir!**

## Schwätzt mateneen

**Maacht kleng Gruppen. Diskutéiert 15 Minutte laang dës Froen. Stellt är Resultater vir.**

- Wat fir 3 Revendikatioune kommen am heefegste vir?
- Wat fir Revendikatioune komme manner oder guer net vir? Firwat?
- Wat sinn hautdesdaags Problemer op der Aarbecht? Wat fir Léisunge schlot der vir?